



geplangte Pensiounsreform ugeet. Also, fir d'éischt emol fannen ech et wichteg, dass d'Leit do gefrot ginn, well et jo ém hir Pensioun geet an do sollt och jiddereen e Wuert dierfe matschwätzen. Wann een d'Leit nämlech net freet, da schaft een eng gewësse Frustration an der Bevölkerung, déi sécher net hëlfet an där wichteger Diskussion. Hei da meng wichtegst Punkten: Et soll ee kuck...

**M. Claude Wiseler**, Président | Madamm Bernard, Dir hutt d'Wuert ganz eleng.

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng), auteure | Tjo, léif Kolleginnen a Kollegen, méi wäit wier ech als Biergerin um Site schwätzmat.lu net komm. Dat waren nämlech genau 500 Zeechen. E bësse kuerz geograff, géing ech mengen, an dat bei engem Theema, dat d'Zukunft vu menger Generatioun betrëfft. Dofir depo-siéiere mir heimadder eng Resolutioun, déi d'Chamber dozou oprift, e Biergerrot zum Theema Pensiouns-reform en place ze setzen.

(Interruptions)

E Biergerrot, dee representativ fir d'Gesellschaft zsummegesat ass a wou dëst wichteg Theema breet diskutéiert soll ginn. Natierlech huet de Biergerrot net d'Funktioun, de Sozialdialog ze ersetzen, mee en Debat mat a vun de Bierger ze préparerieren. Mir sinn der Meenung, dass d'Chamber, also mir hei, déi d'Vollek vertrieben, eis solle participativ outilléiere mat de Suerge, Bedenken, Wénsch a Propose vun de Leit. Mir kënnen némmer dovunner profitéieren. Den Debat kann némmer dovunner profitéieren. A 500 Zeeche ginn dofir net duer!

**Une voix** | Très bien!

#### Résolution

«relative à l'instauration d'un Conseil citoyen "Pensiouns-reform"»

*La Chambre des Députés,*

- considérant que la réforme du système de pension est un enjeu majeur pour l'avenir économique et social du Luxembourg, affectant tant les générations actuelles que futures ;

- rappelant que la participation citoyenne constitue un principe fondamental de la démocratie, garantissant que les décisions politiques tiennent compte des besoins et aspirations de l'ensemble de la population ;

- constatant que les citoyennes et citoyens sont les premiers concernés par les décisions touchant à leur avenir financier et à la solidarité intergénérationnelle et qu'ils doivent donc être activement impliqués dans le processus de réflexion ;

- soulignant le succès des récents processus de participation citoyenne initiés par le Gouvernement, tels que le «Klima-Biergerrot» ou le «Biergerkommitee Lëtzebuerg», ainsi que l'opportunité de faire évoluer la culture de la participation citoyenne au Luxembourg ;

- reconnaissant que la mise en place d'un Conseil citoyen institutionnalisé offre également une opportunité unique de renforcer la légitimité démocratique des réformes projetées en s'assurant que ces décisions sont fondées sur un débat transparent et une participation populaire structurée et véritable ;

- rappelant enfin les motions et résolutions présentées à la Chambre des Députés en faveur du développement et de la pérennisation de la participation citoyenne,

décide

- de mettre en place, en complémentarité avec la consultation en ligne «schwätzmat.lu» initiée par le Gouvernement, un Conseil citoyen «Pensiounsreform» qui aura pour missions de :

1. alimenter le débat public sur la pérennisation de la prévoyance vieillesse,
2. représenter la diversité de la société luxembourgeoise en incluant des citoyennes et citoyens de différentes tranches d'âge, professions, origines géographiques et sociales,
3. délibérer sur les enjeux complexes liés à la réforme des pensions en tenant compte de la viabilité financière à long terme, de la justice intergénérationnelle et des attentes sociales et environnementales,
4. élaborer des propositions concrètes, en collaboration avec des expertes et experts indépendants si nécessaire, et les soumettre au Gouvernement et aux partenaires sociaux en tant qu'élément constitutif du dossier de réforme,
5. assurer une transparence totale sur les échanges et recommandations émises, dans un esprit de collaboration avec les institutions étatiques et les acteurs de la société civile,
6. agir en tant qu'initiative pilote, afin de poser, sur la base des résultats des analyses menées par sa cellule scientifique, les fondations pour la création d'une structure permanente.

(s.) Djuna Bernard.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Madamm Bernard.

### 23. 8347 – Projet de loi portant approbation du quatrième Protocole portant amendement à la Convention du 27 octobre 1956 entre la République fédérale d'Allemagne, la République française et le Grand-Duché de Luxembourg au sujet de la canalisation de la Moselle, fait à Schengen, le 18 septembre 2023

An da komme mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour. Dat ass de Projet de loi 8347 iwwert d'Ofschafe vun den Navigatiounsmauten op der Musel. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an deemno follgendermoosse: 10 Minutte fir de Rapporteur, 5 Minutte fir all Sensibilitéit a Fraktioune, d'Regierung huet 10 Minuten. Et si schonn ageschriwwen: den Här Emile Eicher, den Här Yves Cruchten, den Här Jeff Engelen, den Här Meris Sehovic an den Här David Wagner. An elo huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Gusty Graas, d'Wuert. Här Graas.

#### Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics

**M. Gusty Graas** (DP), rapporteur | Merci, Här President. Wéi de réimeschen Dichter Ausonius d'Musel bereest huet, dat war esou ém 370 no Christus, do war d'Musel natierlech nach e romanteschen, natierleche Flosslaf. Mee knapp 1600 Joer méi spéit war et domadder eriwwer. An zwar de 27. Oktober 1956 ass decidéiert ginn zwéischen Frankräich, Lëtzebuerg an Däitschland, d'Musel ze kanaliséieren. Do ass och deementspriedend eng Konventioun gemaach ginn. An de 26. Mee 1964 war dann eng grouss feierlech Ouverture, an dat a Presenz vu kengem Geréngere wéi dem General Charles de Gaulle, dem deemolege President vu Frankräich, dann dem Här Lübke, dem Bundespräsident, an natierlech och der Groussherzogin Charlotte. An de President De Gaulle huet och deemools gesot, datt u sech déi Kanalisation géing derzou bäidroen, d'Fréndshaft zwéischen deenen dräi Länner nach ze verdéien. Et muss ee sech jo awer virstellen: Wéi déi Konventioun énnerschriwwen ginn ass, do war den Zweete Weltkrich eréischt eelef Joer eriwwer.

(M. Fernand Etgen prend la présidence.)

An där Konventioun sinn natierlech och d'Konditiounen vun der Muselkanalisation festgeluecht

ginn. Énner anerem ass awer och dann dee Moment fixéiert ginn, datt Peagen erhewe sollte ginn, virun allem fir déi enorm Käschte vun der Société internationale de la Moselle ze couvréieren. Ech wëll och direkt hei énnersträichen, datt déi Gesellschaft deemoools nom däitsche Recht gegrënnt ginn ass. Et goufen dunn och dräi Zousazprotokoller am Laf vun de Joren énnerschriwwen, an zwar 1974, 1983 an 1987. An hei young et awer virun allem ém d'Prozedur vun de Geriichter, de juristesche Statutt vun der Muselkommissioun, an och d'Sanktioounen, déi am Kader vun där Konventioun eeben och këinne geholl ginn.

Den 18. September 2023, also virun engem gudder Joer, ass dunn dee véierte Protokoll énnerschriwwen ginn. An do ass virun allem ém d'Ofschafe vun där Muselgesellschaft gaangen. Déi Supressioun ass awer natierlech net gemaach ginn, ouni virdrun och den Avis vun de Geranten eranzehuelen.

An deem véierten Zousazprotokoll ass natierlech awer och eng aner wichteg Mesür geholl ginn, an zwar d'Ofschafe vun de Peagen. Dat ass eng Iddi, déi awer och schonn énnert der leschter Regierung entwéckelt ginn ass, déi sech deemools och positiv derzou ausgeschwat hat. An zwar hat dat virun allem als Ursach, dem Green Deal um europäischen Niveau och Rechnung ze droen, dat heescht eng méi staark Dekarbonisatioun unzestriewen, wat den Transport ubelaangt.

Et däerf een net vergiessen, datt duerch d'Ofschafe vum Peage elo erwaart gëtt, datt de Schéfftransport op der Musel bis 2030 ém 25 % wäert zouhuelen. An et gëtt geschat, datt bis 2050 d'Schéfffaart op der Musel souguer wäert ém 50 % zouhuelen.

Da muss een natierlech awer och drop hiweisen, datt d'Schéfffaart u sech jo awer vill méi ökologesch ass wéi de Camionsverkéier oder den Zuchverkéier. Zum Beispill: Fir de Schwéiertransport brauch e Schéff 67 % manner Energie wéi Camionen a 35 % manner wéi den Zuch. Och wat den Ausstooss vun CO<sub>2</sub> ubelaangt, wann dat op d'Tonn verrechent, ass d'Schéfffaart natierlech vill méi en ekologesch Transportmettel.

Da gesäit den Accord awer och vir, datt déi Recetten, déi zwéischen dem 1. Januar 2023 an dem 30. Juni 2025 vun Däitschland a Lëtzebuerg agezu ginn, herno allerspíetstens um Enn vum zweete Semester 2025 Frankräich iwwerwise ginn, well domadder ginn och definitiv Staatscreangen op déi international Muselgesellschaft opgehuewen.

Déi Gesellschaft wäert och spéitstens bis Enn nächst Joer, Enn 2025, opgeléist ginn. A wéi ech jo virdru scho gesot hunn, funktionéiert se nom däitsche Recht an do gëtt et eng Sperrfrist vu mindestens engem Joer. Déi muss deementspriedend och elo respektéiert ginn.

Déi dräi Staate verflichte sech och, datt déi Gesellschaft Scholden op Zénsen, déi se nach huet, net muss zeréckbezuelen, a se verzichten och drop, dat abezuel Kapital zeréckzfuerderen. Duerchsnéttlech kann ee soen, datt duerch de Peage zwéischen sechs a siwe Milliounen d'Joer agezu goufe bis elo. An d'Personalkäschte louchen, wann dat elo déi lescht zéng Joer réckbléckend kuckt, bei plus ou moins enger Milliouen d'Joer.

Zénter den Nonzegerjoren, also den Nonzéghonnert-nonzegerjoren, ass scho festgestallt ginn, datt déi Suen, déi duerch de Peage agezu goufen, u sech net méi géifen duergoen, fir och déi enorm Käschte vun der Sociétéit ze couvréieren. Dat selwecht gëllt och fir dee Forfait, deen u sech émmer opgehuewe ginn ass, fir den Entretien vun der Musel och zu deem Moment kënnen ze couvréieren.

Duerfir sinn dann och déi Verdeelungsschlësselen, déi am Artikel 1920 festgehale sinn, émmer manner



effikass ginn, wat dann, wéi gesot, och derzou gefouert huet, datt déi Decisioun vun der Supressiou vun dem Peage geholl gouf.

Dëse Projet de loi gesäit dann, wéi gesot, d'Approbation vum véierte Protokoll vir. An et geet drëms, wéi ech jo schonn erkläert hunn, virun allem den ekologesche Standpunkt vun der Schéfffaart hei nach méi ervirzesträichen. Konkreet ginn dann d'Kapitelen eent, zwee an dräi an däri Konventioun ofgeschaft. Den Artikel 22 ass awer och net onwichteg: Deen erlaabt awer deenen eenzelne Staaten, trotzdem op hirem Territoire gegeebenefalls nach Peage opzehiewen.

Da gesäit deen neien Artikel 53 vir, datt de Gabaret op der Musel zwéschent Metz an Diddenuewen natierlech erhale bleibt. An den Artikel 60 gëtt gestrach, well et do nach ém d'Kanalisation vun der Musel geet. Déi, déi vun der Musel sinn, wéssen – all déi aner missten et och wéssen –, datt déi Aarbechte jo scho laang ofgeschloss sinn.

Här President, Dir Dammen, Dir Hären, dann nach e puer Wuert och iwwert d'Aarbecht an der Kommission. De Conseil d'Etat hat sain Avis den 21. Mee 2024 eraginn. En hat keng spezifesch Observatiounen ze maachen, huet allerdéngs op sain Avis iwwert de Projet de loi vun 1956 higewisen, deemools, wéi dann d'Konventioun hei guttgeheescht ginn ass. Deemoos ass nämlich gefrot ginn, datt de Projet de loi misst mat enger Majorité qualifiée gestëmmt ginn, aus deem ganz einfache Grond, well d'Muselkommision eeben eng Institution vun internationalem Recht war. An do ass et och e Comité d'appel ginn, eng auslännesch Juridiction, wou also hu missen d'Souveränitätsrechter iwwerdroe ginn. An désem véierte Protokoll ass dat awer net méi de Fall, soudatt mer haut also net eng Majorité qualifiée brauchen, mee mat engem normale Vott dann hei dee Protokoll och esou kënne gutthalen.

Dann nach den Avis vun der Chambre de Commerce, dee vum 7. Februar 2024 datéiert. Wat natierlech net verwonnerlech ass, dat ass, datt se selbstverständliche och d'Ofschafe vun dem Peage hei begréissen, well et, wéi gesot, eeben och de Schéfftransport vill méi kompetitiv mécht a well et eeben och den Transporteur, déi iwwert d'Strooss musse fueren, émmer méi schwéier gemaach gëtt, well eeben déi Politick vun der Dekarbonisatioun – déi awer richtig ass! – hinnen natierlech émmer méi ze schafe mécht, soudatt an Zukunft also méi Wueren iwwert d'Waasser kënnen transportéiert ginn, wat natierlech dann awer och eist Stroossennet wäert entlaaschten.

Ech wéll dann awer och hei betounen, datt et net némminen ém de Wuerentransport geet, mee et geet selbstverständlich och ém sämtlech aner Schéffer. Ech denken do un d'Croisièren – jo, et fueren och kleng Croisièresschéffer iwwert d'Musel –, an och déi Loisirsschéffer, fir se mol sou ze nennen, falen natierlech och heirënner. Déi brauchen also och kee Peage méi ze bezuelen.

Dann, wéi gesot, zum Schluss nach: De Projet de loi war u sech den 11. Januar 2024 vum Ausseminister deposéiert ginn, ass awer dunn transferéiert ginn an d'Mobilitéitskommissioun. An déi huet de Projet de loi de 4. Juli analyséiert, huet och dunn e Rapport bestëmmt, deen elo hei virun Iech steet. An de Rapport gouf dann och eestëmmeg de 27. September ugeholl, soudatt mir och näisch aneres iwwreg bleift, wéi Iech Merci ze soe fir d'Nolauschteren.

Hoffentlech stëmmt der alleguer de Rapport Jiddefalls, meng Fraktioun wäert dat maachen, an ech soen Iech villmoos Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président de séance | An ech soen dem Här Rapporter Gusty Graas Merci.

Da geet d'Wuert un den éischten ageschriwwene Rieder, den honorabelen Här Emile Eicher. Här Eicher, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

**M. Emile Eicher** (CSV) | Merci, Här President. Esou, wéi den Här Graas elo just gesot huet, féiert et zu enger Dekarbonisatioun, déi enorm wichteg ass, fir de Green Deal iwwerhaapt émzeseten.

Ech wéll awer nach eng kleng Informatioun derbäi ginn: Et gouf émmer bei der Tarifikatioun gekuckt, wéi den Tariff um Neckar, um Rhein-Main-Donaukanal war, an do gëtt et och kee Peage méi. Déi sinn eis schonn e bësselche viraus, dofir ass och keng Base méi do. An de Giddertransport ass nun eemol, esou wéi och schonn erkläert ginn ass, bei Wäitem deen ekologeschen, entlaascht eis Stroessen an och eis Schinnen, an dréit do dernieft och nach zu enger Simplification administrative bai, well och deen Opwand geet elo verluer – gutt esou! –, an dat net némme fir de Giddertransport, mee och fir d'Loisir.

Dofir kënne mir dat némme begréissen. Eis Fraktioun wäert dee Projet och stëmmen.

**M. Fernand Etgen**, Président de séance | Merci villmoos, Här Eicher. Ech ginn d'Wuert direkt weider un den Här Yves Cruchten.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Merci, Här President. Den Här Graas war méi wéi komplett, an dofir bleift mir näisch aneres iwwereg, wéi den Accord vun eiser Fraktioun ze ginn.

**M. Fernand Etgen**, Président de séance | Merci, Här Cruchten. An dann ass d'Wuert fir den Här Jeff Engelen.

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Jo, merci, Här President, fir d'Wuert. Mir begréissen natierlech d'Ofschafung vun déise Peagen op der Waasserstrooss, dat ass jo ganz kloer. Dat ass eng Fuerderung, déi mir scho laang Jore gestallt hunn, an duerfir kënne mer hei och den Accord gi vun eiser Fraktioun zu désem Projet.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président de séance | Merci villmoos, Här Engelen. An da geet d'Wuert un d'Madamm Sam Tanson.

**Mme Sam Tanson** (déri gréng) | Ech hu mech extra op dem Här Sehovic seng Plaz gesat, fir en ze ersetzen a fir den Accord ze gi vun deene Gréngen.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président de séance | Merci villmoos, Madamm Tanson. An da wier et um Här Marc Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Eigentlech hat ech mech net ageschriwwen, fir net nach Zäit ze verschwenden, mee mir ginn natierlech och eisen Accord.

**M. Fernand Etgen**, Président de séance | Merci, Här Goergen. An dann ass et um Här David Wagner.

**M. David Wagner** (déri Lénk) | Jo, merci, Här President. Mir ginn och eisen Accord zu désem Projet de loi.

**M. Fernand Etgen**, Président de séance | Merci villmoos.

D'Regierung huet d'Wuert.

#### Prise de position du Gouvernement

**Mme Yuriko Backes**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Ech ka mech dann och ganz kuerz faassen, fir dem Rapporteur e grousse Merci ze soen. An Iech alleguer merci fir d'Énnerstëtzung fir dése Projet de loi.

**M. Fernand Etgen**, Président de séance | Merci villmoos. D'Diskussioun ass ofgeschloss.

Da kéime mer elo zum Vott iwwert de Projet de loi 8347. Den Text steet am Document parlementaire 8347<sup>3A</sup>.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 8347 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Mir kommen elo zum Vote par procuration. Do feelt nach een.

De Vott ass ofgeschloss an de Projet de loi ass mat 59 Jo-Stëmm, kenger Nee-Stëmm a kenger Abstention ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer (par M. Laurent Mosar), Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet (par Mme Stéphanie Weydert) ;*

*Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel (par M. Gusty Graas), Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt (par M. Gérard Schockmel), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann (par Mme Barbara Agostino), Mandy Minella et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana (par M. Yves Cruchten), Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Franz Fayot), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidor ;*

*MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic (par Mme Djuna Bernard), Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

#### 24. Résolution de Mme Taina Bofferding concernant le respect du Règlement de la Chambre des Députés concernant la convocation de réunions de commissions

Mir kommen dann elo zu der Resolutioun vun der Madamm Taina Bofferding iwwert d'Convocatioun vun eise Kommissiounreuniounen. Madamm Bofferding, Dir hutt d'Wuert.

(M. Claude Wiseler reprend la présidence.)

#### Dépot et exposé

**Mme Taina Bofferding** (LSAP), auteure | Merci, Här President. Effektiv hat ech déi Resolutioun hei schonn am Fréijoer deposéiert. Dat war zu engem Moment, wéi mer e bësse méi Diskussiounen a Reibereien haten, wat d'Organisatioun an och d'Gestioun vun eise Kommissiounen mat de Plage-fixen an och, wéi d'Convocatiounen erausginn, ugeet. An engem konstruktiven Esprit hu mer eis jo dann zesummegesat an der Conférence des Présidents an hunn do Initiative geholl, wéi een da Verschiddenes kéint änneren. Verschiddenes gouf jo och schonn émgesat, duerfir wéll ech hei elo net nach eng Kéier op déi ganz Resolutioun agoen.